# 2024/25 : COURS À OPTION – CLASSES DE 3E


## Titre : **DEN ATELIER**

(Léier nei Technike kennen, expérimentéier an huel der en Abléck an d'Kënschtlerliewen; schaffe wéi a mat Kënschtler)

Titulaire(s) du cours : Nathalie Schmitz, Sarah Sonnetti
Classes : 3es
Horaires : jeudi, 7h55 – 9h40
Salle : 1045 (Salle 3/ Salle 4)
Nombre maximal d'élèves : 12

### Finalités et objectifs de l'option

Dëse Cours well de Schüler e méi déiwen Abléck an d'Konschthandwierk (Gravure a Keramik) ginn an dat andeems si sech mat de ville Méiglechkeeten vun dësen Technicken ausernanersëtzen. Dobäi kréien si och d'Geleeënheet sech mat lëtzebuergesche Kënschtler auszetauschen. An enger schnellliewеger digitaler Welt wou d'kënschtlech Intelligenz Villes iwwerhëllt ass et wichteg seng eegen Iddien a Konzepter ëmzesëtzen a säi Produkt ze realiséieren.




### Programmme

De Schüler léiert wéivill Méiglechkeeten engem d'Gravure an d'Keramik bidden an déi ënnerschiddlech Grondtechniken fir dës Konschthandwierker auszeüben. (Keramik: Modelléieren, Daumentechnik, Plattentechnik, Wulstechnik, Glasur, Brennen, Gravure: Drécken mat Rhenalon, Tetrapak, …) Am Laf vum Joer kritt de Schüler d'Méiglechkeet mat Kënschtler aus dëse Beräicher a Kontakt ze kommen an vun deem hirem Wëssen an Erfahrungen ze léieren.

Kënschtler: Isabelle Lutz, Florence Everling, Philippe Konsbruck, Anni Mertens

## Méthodologie, déroulement

Nierft dem technesche Volet, geet et och ëm den artisteschen Deel an ëm déi eegen Kreatiounen. Des Optioun baséiert haaptsächlech op prakteschem Schaffen an Experimentéieren fir perséinlech Ideeën zum Ausdrock ze bréngen.

## Public cible

Fir Schüler, déi op eng Konschtschoul wëlle goen ass et sécher e Plus, Kenntnisser an de verschiddene Konschthandwierker ze hunn.

## Equipement requis

D’Material gëtt dem Schüler am Cours ausgedeelt.





